Chris Richartz, Carole Kieffer, Manon Zeig, Françoise Helminger, Corinne Reckert, Anne Haas, Danielle Kalac



Tom Krier, Steve Goedert, Jessie Heintz, Sacha Walisch, Chris Colbach

# D’Departement Sport an de Sportunterrecht am ALR, dat ass …

… eng Sportinfrastruktur, déi kaum ze toppen ass.

… eng breetgefächert Palette vun iwwer 50 Sportaarten a Bewegungsaktivitéiten, déi d’Schüler am Laf vun hirer Schoulkarriär begéinen.

… ee Projet d’établissement (ProEt) mat enger immens interessanter Sportoffer ausserhalb vun deene klassesche Sportaarten.

… minimum eng Duebelstonn Sport bis op 1ère.

… d’Méiglechkeet vun 3ème bis 1ère bis zu 6 Stonne Sport pro Woch ze hunn:
jeweils 2 Stonne Cours, Option Sport a ProEt.

… d’Réckgrat vun den Activités parascolaires am ALR.

… d’Méiglechkeet u verschiddenen ausserschoulesche Sportmanifestatiounen an -aktivitéiten deelzehuelen (Schlittschong, Wakeboard, Padel, Kloterpark, ...)

… d’Méiglechkeet 3x/Woch no der Schoul um 15h30 vun den ALR-Infrastrukturen ze profitéiere fir Sport ze maachen.

… d’Méiglechkeet ab 16 Joer ee Fitnesspass ze maache mat deem een autonom am Fitnessraum an am Outdoor-Fitness kann trainéieren (Mëttesstonnen an no der Schoul).

… ee Lycée, dee säit Joren a punkto LASEL-Participatioun ënner deenen 3 beschte Schoulen am Land ze fannen ass.

… e Grupp vu super motivéierte Schüler, deen iwwer reegelméisseg Participatiounen un de LASEL-Manifestatiounen d’Méiglechkeet kritt um Enn vum Schouljoer un engem flotten Sportsausfluch deelzehuelen.

… ee Skistage vun enger Woch fir all 6ème-Schüler zu Hochfügen (AU).

… eng Direktioun, déi zu 100 % hannert eis an eise Projete steet.














# Kontakt

🖂 sport@alr.lu

☏ 26 62 32 610

